Dépôt :

Liz Braz (LSAP)

Lëtzebuerg, den 9. Juli 2025

HA Position du Luxembourg sur nouveaux objectifs OTAN

1

# Motioun

D'Chamber

**Stellt fest,**

- dass an der NATO ee breede Konsens besteet, fir d'Verdeedegungskapazitéiten ze verbesseren;
- dass déi 32 NATO-Memberstaaten an der Moyenne aktuell 2,61 % vun hirem PIB an d'Defense investéieren;
- dass d'USA am Joer 2024 ronn 3,4 % vun hirem PIB an d'Verdeedegung investéiert hunn;
- dass d'Alliéiert um leschten NATO-Sommet zu Den Haag festgeluecht hunn, bis 2035 5 % vum PIB an d'Verdeedegung ze investéieren;
- dass de spuenesche Premierminister erkläert huet, sengen NATO-Verpflichtungen nozekommen, ouni sech un dat 5 %-Zil ze bannen, dat hien als "onvernënfteg a kontraproduktiv" beschreift;
- dass d'Fuerderunge fir d'Verdeedegungsausgabe vun der Allianz esou substanziell an arbiträr ze erhéijen, besonnesch op d'Insistéiere vum President vun de Vereenegte Staaten zeréckzeféiere sinn;
- dass eng breet gesellschaftlech a politesch Debatt iwwert en *Defense Planning Process* noutwendeg ass;
- dass d'Erhéijung vun de Verdeedegungsausgaben op 5 % vum RNB bis 2035 fir Lëtzebuerg zu dësem Zäitpunkt weder konkret begrënnt nach duerch kloer Ziler gerechtfäerdegt ass;

**Fuerdert d'Regierung op**

- de Verdeedegungsbudget net un en arbiträre Prozentsaz vum PIB oder RNB ze knäppen, mee u kloer definéiert a begrënnt Ziler ze orientéieren, déi sech un de konkrete Besoine vun eisem Land, der EU an der NATO ausriichten;
- zu dësem Zäitpunkt keng weider substanziell Erhéijunge vum Lëtzebuerger *Effort de défense* iwwer déi 2% vum RNB eraus ze decidéieren.

Liz Braz